PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Sport weiderzeleeden.

E Samschdeg, den 11ten Juni 2022, huet eis Fussball-Nationalequipe vun den Hären an hirem Nationsleague Match géint d'Tierkei gespillt. Dobäi ass de Sport selwer leider deen Owend des Ëfteren an den Hannergrond geréckelt. Fir d'Spectateuren aus verschiddenen neutrale Bléck stoung déi falsch Entrée um Ticket, soudass se sech misste bei den Auswäerts-Spectateuren ustellen, fir do am Endeffekt dann awer net era gelooss ze ginn. Wärend an nom Match konnten dann och vill Leit ongestéiert op den Terrain lafen, ouni vun der iwwerfuerderer Securitéit gestéiert ze ginn, an et waren Auswäerts-Spectateuren am Heemblock.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass de Minister der Meenung, dass d'Sécherheetskonzept fir de Stade de Luxembourg den Usprëch gerecht gëtt?
2. Wéi eng konkret Mesurë wäerten an Zukunft geholl ginn, fir d'Sécherheet vun den Zuschauer a vun de Sportler am Stade de Luxembourg ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven — Député

GOERGEN Marc — Député